



**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, a vun der Madamm Finanzministesch, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°8154 vun den honorabelen Députéierten Octavie Modert, Max Hengel a Léon Gloden zum Sujet "Aides suite aux inondations du mois de juillet 2021"**

Virop ass et wichteg ze präziséieren, dass d'Indemnisiatioun vum Inneministère sech net nëmmen un d'Gemenge geriicht huet, mee och un d'Gemengesyndikater.

Iwwert de Formulaire "Intempéries", deen d'Gemengen an d'Gemengesyndikater mat de Circulairen n°4021 an n°4064 zur Verfügung gestallt kritt hunn, hu 40 betraffe Gemengen a Gemengesyndikater Schied an Héicht vun 30.802.478,46 Euro deklariert, déi hir jeeweileg Propriétéite betraff hunn (*biens meubles et immeubles*). Et sief nach emol drun erënnert, dass déi ugefroten Entschiedegungen exklusiv fir Propriétéite vun de betraffene Gemengen oder Gemengesyndikater zielen an dass déi ugefale Käschte weder vun enger Assurance iwweholl gi sinn, nach vun anere staatlechen Entitéiten.

Am Ganze si bis dato 4.614.900,27 Euro u Gemengen a Gemengesyndikater ausbezueelt ginn.

Mat Ausnam vun der Gemeng lechternach, déi Schied an Héicht vun 22.313.823,63 Euro (Stand 09.08.23) deklariert huet, si ronn 44% vun den ugefroten Indemnisiatiounen (8.488.654,83 Euro) un déi aner Entitéiten ausbezueelt ginn, dat heescht 3.744.902,12 Euro. Et muss een awer präziséieren, dass 18 Dossieren nach en cours sinn, well se nach net komplett sinn.

D'Ausso, dass keng weider Suen un déi concernéiert Gemengen ausbezueelt géife ginn, ass net richtig. Am Staatsbudget ass fir den Exercice 2023, ënnert dem Artikel 09.5.35.010 "*Secours dans le cadre de catastrophes naturelles et en cas d'assistance internationale*", eng Enveloppe vu 5 Milliounen Euro virgesinn, fir d'Gemengen an d'Gemengesyndikater kënne weider finanziell z'entschiedegen (an der Haaptsaach déi Gemengen, deenen hiren Dossier nach net komplett ass).

Fir an Zukunft besser op Katastrofe präparéiert ze sinn, müssen d'Gemenge méi resilient ginn a virun allem op Präventiounsmesurë setzen, mam Zil, fir d'Risiko vu Katastrofen ze reduzéieren. Fir sou Mesuren en place ze setzen, kënnen d'Entitéiten aus dem Gemengesecteur zum Beispill beim Waasserfong eng finanziell Ënnerstëtzung froen (cf. Artikel 65 vun der *Loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau*). D'Gemenge wäerten awer och an Zukunft op d'Ënnerstëtzung vum Inneministère ziele kënnen, natierlech ënnert der Bedingung, dass dat jeeweilegt Evenement vun der Regierung als Katastroph deklariert gëtt<sup>1</sup>.

Lëtzebuerg, den 24/08/2023.  
D'Inneministesch  
(s.) Taina Bofferding

<sup>1</sup> Cf. Äntwert op d'QP 6492 « Inondations de 2021 »